N°1376
Entrée le 16.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.10.2024

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture
8
Référence : 665/2024
17 OCT. 2024
A traiter par :
Copie à :

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 16. Oktober 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weiderzeginn.

Zanter engem Joer trieden a Frankräich ëmmer méi Fäll vun epizootescher Hemorrhagie bei de Ranner op. An dem Kontext wollte mir follgend Froen un d'Madamm Landwirtschaftsministesch stellen.

- Goufen hei zu Lëtzebuerg scho Fäll vun epizootescher Hemorrhagie bei de Ranner festgestallt?
  - Wa jo, wéi vill Fäll si bis elo bekannt?
- Ass schonn e Vaccin disponibel, a wa jo, wéi vill Dose sinn op Stock?
- Gi spezifesch Mesuren en place gesat, fir e weidert Ausbreede vun der Krankheet ze verhënneren?
- Des Weidere gouf kierzlech e Fall vu Blozongekrankheet vum Typ 12 an Holland, net wäit vun der däitscher Grenz, festgestallt. Ginn et och hei fir scho Vaccinen a falls jo, wéi vill Dosen sinn disponibel?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie Weydert
Deputéiert

Jeff Boonen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1376 vun den éierbaren Deputéierten Stéphanie Weydert a Jeff Boonen**

- **Goufen hei zu Lëtzebuerg scho Fäll vun epizootescher Hemorrhagie bei de Ranner festgestallt?**
  **°Wa jo, wéi vill Fäll si bis elo bekannt?**
  Neen, bis elo ass nach kee Fall vun epizootescher Hemorrhagie bei de Ranner hei zu Lëtzebuerg bekannt.

- **Ass schonn e Vaccin disponibel, a wa jo, wéi vill Dose sinn op Stock?**
  Et gëtt e Vaccin um europäesche Maart. Dee Vaccin huet och schonn eng ATU (autorisation temporaire d'utilisation) vum Ministère de la Santé. Mir wärten de Vaccin lo bestellen.

  **Gi spezifesch Mesuren en place gesat, fir e weidert Ausbreede vun der Krankheet ze verhënneren?**
  Dës Krankheet gëtt grad ewéi d'Blozongekrankheet vun enger Méck iwwerdroen, an doduerch ass d'Verhënnerung vun enger Verbreedung net esou einfach. Momentan loosse mer zu Lëtzebuerg keng Béischten eran, déi aus infizéierte Gebitter kommen.

- **Des Weidere gouf kierzlech e Fall vu Blozongekrankheet vum Typ 12 an Holland, net wäit vun der däitscher Grenz, festgestallt. Ginn et och heifir scho Vaccinen, a falls jo, wéi vill Dose sinn disponibel?**
- Wat de Vaccin géint de Blozongen Sérotype 12 betrëfft, huet sech bis elo nach keng Firma bereet erklärt dee Vaccin ze produzéieren. Bis elo ginn et och just vereenzelt Fäll an Holland. Mir verfollegen d'Situatioun op europäeschem Niveau a wärten gegebenfalls eng Demande fir d'Produktioun vun engem Vaccin ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2024
(s.) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau